N° 6581
Entrée le 29.07.2022
Déclarée recevable et urgence non-reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 29.07.2022

Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural, 8
Référence: 476/2022
29 JUIL. 2022
A traiter par:
Copie à:

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 29. Juli 2022

Här President,

Esou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Dréngleechkeetsfro un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

Wéinst dem Krich an der Ukrain, der doduerch bedéngten Knappheet u Käre an der allgemenger Präishausse bei de Liewensmëttel huet d'EU-Kommissioun virgeschloen, déi bei der Reform vun der Gemeinsamer Agrarpolitik decidéierten Flächestillegungspflicht vun 4 Prozent am Joer 2023 auszesetzen. D'Propose vun der Kommissioun gouf de 27. Juli offiziell ugeholl. Elo läit d'Entscheedung bei den eenzelen EU-Memberstaaten. An deem Kontext wollt ech folgend Dréngleechkeetsfro un den Här Landwirtschaftsminister stellen:

- Wat fir eng Positioun huet Lëtzebuerg zu Bréissel vertrueden?
- Ass d'Regierung bereet, Stilllegungspflicht 2023 auszesetzen?
    - Wa nee, wat sinn d'Grënn fir dës Entscheedung?
    - Wéini a wéi gëtt des Decisioun kommunizéiert?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen

CSV-Fraktioun | 13, rue du Rost | L-2447 Luxembourg | Tel. 47 10 55 – 1 | csv@chd.lu

Deputéiert

CSV-Fraktioun | 13, rue du Rost | L-2447 Luxembourg | Tel. 47 10 55 – 1 | csv@chd.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n° 6581 vun der éierbarer Deputéierten Martine Hansen

- **Wat fir eng Positioun huet Lëtzebuerg zu Bréissel vertrueden?**

  Lëtzebuerg huet der Propositioun vun der Bréisseler Kommissioun zougestëmmt.

- **Ass d'Regierung bereet, d'Stilllegungsflicht 2023 auszesetzen?**

  - **Wa nee, wat sinn d'Grënn fir dës Entscheedung?**
  - **Wéini a wéi gëtt des Decisioun kommunizéiert?**

  Op Propositioun vum Landwirtschaftsminister huet d'Regierung den 5ten August 2022 decidéiert, d'Stilllegungsflicht fir 2023 ënnert verschiddene Konditiounen auszesetzen. Dee selwechten Dag ass eng entspriechend Kommunikatioun gemaach ginn.

Lëtzebuerg, den 10ten August 2022

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,

(s.) Claude HAAGEN